

LEADER Lëtzebuerg West

Déi lokal Aktiounsgrupp (LAG) Lëtzebuerg West huet als Missioun de ländleche Raum opzewäerten.

D'LAG besteet aus 26 Partner aus der Regioun:

7 Gemengen: Habscht/Deel Simmer, Helperknapp, Miersch, Garnech, Käerch, Mamer, Stengefort

1 Institutioun: Service National de la Jeunesse (SNJ) Huelmes

18 Veräiner aus verschiddene Beräicher:

Tourismus - Äischdall Biker, ASIVEMA, Centrale des Auberges de jeunesse, Guttland, ORT Centre/Ouest, Syndicat d'Initiative et de Tourisme de la commune de Mersch

Geschicht - D'Georges Kayser Altertumsfuerscher, Geschichtsfrënn vun der Gemeng Miersch, Käercher Schlassfrënn, Mamer Geschicht

Duerfliewen & Traditiounen - Duelemer Leit

Kultur - Kulturhaus Miersch, Mierscher Lieshaus

Sozial - Centre d'Initiative et de Gestion Local (CIGL) Steinfort, Fondation sclérose en plaques, Ligue HMC

Land & Forstwirtschaft - Chambre d'Agriculture, Lëtzebuenger Privatbësch

Klima/Emwelt - Klimaforum Mamer

D'LAG kritt europäesch, national a Gemengegelder fir Projet'en ëmzesetzen.

Hutt Dir och eng Projetsiddi, dann meld Iech bei eis: E - lw@leader.lu oder T - 26 61 06 80

D'Projetsiddi muss an d'Entwécklungsstrategie vun der LAG passen, déi folgend Themeberäicher ëmfaasst:

- WunnRegioun – Soziale Beräich & Kommunikatioun
- NaturRegioun – Klima/Emwelt/Natur/Energie/Regional Produkter/Land&Forstwirtschaft
- KulturRegioun – Kultur, Kulturierwen
- TourismusRegioun – Fräizäit & Tourismus

Weider Infoen fannt dir op: www.lëtzebuergwest.lu